
# MAISON RELAIS
## SCHOUWEILER

# UM HINGERJUCK



GEMENG DIPPECH

croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen




Sich mech
op all Säit /
Cherche-moi sur
chaque page

# INHALTSVERZEICHNIS


VORWORT / PRÉFACE 4

EIN HUHN ENTSTEHT 6

AUFBAU DES EIS 7

EIGENSCHAFTEN DES HUHNS 8

FOTOSTORY 10

EISEN HINGERJUCK 22

STECKBRIEF 'DEUTSCHER SPERBER' 23

EIS JIPPELCHER 24

AUS DEM ALLTAG 28


NEI BRUTAKTIOUN 30

SELBSTGEMACHTE HÜHNERKEKSE 31

RÄTSEL 32

KANNERSTËMMEN 34

MERCI 35

**YUPPI, MIR KRUTEN EEN HINGERSTALL**
**DORIWWER FREEË MIR EIS ALL**
**DAT GËTT FREED UM HINGERJUCK**
**WOU SËTZT DANN DÉI SCHÉINSTE KLUCK**
**EIS KANNER FIDDEREN D' HINGER GÄREN**
**MAT VILL GEGACKERS PICKEN SI DANN HIR KÄREN**
**OCH DE STALL GËTT REEGELMÉISSEG GEBOTZT**
**A FRËSCH EEËR GI VUM KACH FIR ENG OMLETT GENOTZT**

Am Februar 2022 hu mir de **neie pedagogesche Projet** gestart:

- +/- 4-6 Hinger wäerten an Zukunft zu eiser grousser Maison-Relais Famill gehéieren
- D'Kanner hunn d'Méiglechkeet de Prozess vum Ee zum Hung mat z'erliewen

**Etappe** vum Projet:

- Am Virfeld gouf e pedagogescht Konzept ausgeschafft
- Liwwerung an Opbau vum Hingerstall am Hierscht 2021
- D'Kanner goufe mat an d'Auswiel fir d'Rasse vun den Hinger agebonnen
- Uschafung an Ausbréie vun den Eeër an der Maison Relais
- Schlüpfe vun den Hinger 3 Wochen dono
- Zesummeliewe mat den Hinger

**Ziler** vum Projet:

- Participatioun vun de Kanner beim ganze Prozess
- D'Kanner léiere Verantwortung fir e Liewewiesen z'iwwerhuelen
- Bezuch zu der Hierkonft a Produktioun vu Liewensmëttel gëtt verstäerkt
- Förderung vu soziale Kompetenzen
- Entwécklung vun Autonomie an Empathie
- Motoresch Fäegkeeten erweideren (Stall propper maachen, Fudder opfëllen asw.)
- Abléck an d'Liewe vun engem Hung an de Prozess vum Ee zum Hung besser kenneléieren
- Verwäertung vun den Eeër an eiser Kichen

**Aufgaben an Alldag** mat den Hinger:

- Reegelméisseg Fudder opfëllen
- Eeër Asammlung
- Sech ëm d'Wuelbefanne vun den Hinger këmmeren
- Sécherheets-Check
- Stall propper maachen



Dëse Projet ass an Zesummenaarbecht mat der Sanitär- an der Veterinärsinspektioun, der Gemeng Dippech an de Responsabele vun der Croix-Rouge ausgeschafft ginn. De Projet gëtt begleet vum Dr. Manderscheid (Médecin vétérinaire). Domat ass séchergestallt datt, de Projet ënner all den hygieneschen a sanitäre Viraussetzungen ofleeft.



**YUPPI, NOTRE POULAILLER ENFIN ARRIVÉ**
**NOUS SOMMES TOUS ENCHANTÉS**
**UN BONHEUR DES POULES BIEN HEUREUSES**
**OÙ SE TROUVE LA PLUS BELLE POULE PONDEUSE**
**NOS ENFANTS VONT ADORER DE LES NOURRIR**
**EN CAQUETANT LES POULES VONT SE RÉJOUIR**
**AUSSI LE POULAILLER SERA NETTOYÉ RÉGULIÈREMENT**
**ET NOS ŒUFS FRAIS TRANSFORMÉS EN OMELETTE EN SUPPLÉMENT**

En février 2022, nous avons lancé notre **nouveau projet pédagogique**:

- +/- 4-6 poules rejoindront notre grande famille de la Maison Relais
- Les enfants ont la possibilité de poursuivre le procès de développement d'un œuf jusqu'à la poule

Les **étapes** du projet:

- Un projet pédagogique a été mis en place
- Livraison et construction du poulailler en automne 2021
- Les enfants ont pu choisir avec nous la race des poules
- Acquisition et éclosion des œufs dans la Maison Relais
- Naissance des poussins 3 semaines après
- La vie quotidienne avec les poules

Le **objectifs** du projet:

- La participation des enfants pendant le projet entier
- Les enfants apprendront à connaître la responsabilité à prendre envers un être vivant
- La référence à l'origine des aliments sera approfondie
- Amélioration des compétences sociales
- Développement de l'autonomie et de l'empathie
- Entrainement des capacités motrices (nettoyage du poulailler, remplissage de la nourriture, etc...)
- Un meilleur aperçu dans la vie des poules et le procès de développement d'un œuf jusqu'à la poule
- L'utilisation des œufs dans notre cuisine

Les **tâches quotidiennes** avec les poules et les poussins:


- L'alimentation régulière des poules
- La collecte des œufs
- La responsabilité par rapport au bien-être des poules
- La surveillance de la sécurité
- Le nettoyage du poulailler

Ce projet a été mis en place avec l'Inspection sanitaire et vétérinaire, la Commune de Dippach et les responsables de la Croix-Rouge avec la coopération du Dr. Manderscheid (médecin vétérinaire). Ainsi tout risque sanitaire peut être exclus.


# EIN HUHN ENTSTEHT

Damit aus einem befruchteten, frisch gelegten Ei ein Küken wird, muss es von der Henne drei Wochen bebrütet werden. Die Henne wendet das Ei immer wieder und sorgt für eine gleich bleibende Temperatur von etwa 38°C. Bei der modernen Geflügelhaltung übernehmen Brutapparate diese Aufgabe.

Nach drei Bruttagen entwickeln sich im Ei Blutgefäße, die den Embryo mit Nährstoffen aus dem gelben Eidotter versorgen. Bereits nach zwei Wochen füllt das heranwachsende Küken fast das ganze Ei aus. Um sich Platz zu verschaffen durchsticht es am 17. Tag die Eimembran und steckt Kopf und Schnabel in die Luftkammer. Die Lungen fangen jetzt an zu arbeiten und das Küken nimmt sogar schon das Gackern und die Glucklaute seiner Mutter wahr. Ab dem 19. Tag verständigt sich das Küken durch Piepsen mit seiner Mutter, obwohl es noch im Ei steckt. Die Entwicklung ist nun fast beendet und der Dotter beinahe aufgebraucht. Spätestens nach 21 Tagen durchstößt das Küken mit seinem harten Eizahn auf dem Schnabel die Eischale. Jetzt dauert es nur noch wenige Stunden, bis es das Loch kreisförmig erweitert hat und aus dem Ei schlüpfen kann.



# AUFBAU DES EIS




***1) Eigelb, Eidotter:*** Ernährung, Schutz des Embryos

***2) Eiweiß, Eiklar:*** Ernährung, Schutz des Embryos Das Eiklar wird beim Kochen weiß («Eiweiß»)

***3) Membranen, Eihaut:*** gewährleistet Atmung, also den Austausch von Sauerstoff und Kohlendioxid durch die Schale hindurch

***4) Schale, Kalkschale:*** Schutz des Embryos vor mechanischen Schäden

***5) Hagelschnüre:*** Sie halten das Eigelb in einer schwebenden Position innerhalb des Eiweiß

***6) Keimscheibe, Keimfleck:*** ist ein kleiner weißer Fleck, aus dem sich das Küken durch Zellteilungen und Wachstum entwickelt

***7) Luftkammer:*** Sorgt dafür, dass das Küken genug Platz zum Schlüpfen hat

# EIGENSCHAFTEN

## SPEISEKARTE

- Körner & Gras
- Obst & Gemüse
- Insekten, Würmer & Schnecken

## KOMMUNIKATION

- Zum Sonnenaufgang stößt der Hahn seinen typischen lauten „Kikeriki-Schrei“ aus
- Er kräht auch zu anderen Tageszeiten
- Es gibt 30 verschiedene Lautäußerungen, mit denen sich die Hühner untereinander verständigen

## KÖRPERMERKMALE

- Roter Kamm und roter Kehllappen
- Hühner sind kurzsichtig (erkennen nur auf eine Distanz von 50 Meter)
- Zur Herbstzeit wechselt die Henne ihr Federkleid (wird Mauser genannt)
- Tägliches Staub- oder Sandbad um sich vor Krankheiten und Ungeziefer zu schützen

## FEINDE

1. Fuchs
2. Greifvogel
3. Marder



# EINES HUHNS

## SONSTIGES


- Hühner sind sehr wachsam und halten sich gerne in einer gesicherten Umgebung auf, die ihnen Deckung bietet
- Sie schlafen gerne erhöht auf einer Stange

## NACHWUCHS

- Es kann sich nur ein Küken im Ei entwickeln, wenn die Henne zuvor von einem Hahn befruchtet wurde
- Hühner legen Eier nur um sich fortzupflanzen. Da der Mensch täglich die Eier aus den Nestern entfernt, kann die Henne das Ei nicht ausbrüten und es entsteht kein Küken

## WUSSTEST DU SCHON?

- Die Kommunikation zwischen Henne und Küken beginnt bereits im Ei ca. 24 Stunden vor dem Schlupf
- Eine Henne brütet 21 Tage lang ihre Eier aus, und wird dadurch Glucke genannt





# AUS ENGER IDDI GËTT WIERKLECHKEET



Annerhalleft Joer huet et gedauert fir de Projet „Um Hingerjuck“ auszeschaffen. D’Educateuren hu sech dacks zesummegesat fir iwwert all Detail, wat sou en Hingerstall mat sech bréngt, ze schwätzen a wéi d’Kanner aus der Maison Relais dovu profitéiere kënnen. Zemools d’Corinne, dat selwer Hinger doheem huet, huet vill Häerzblutt an Zäit an d’Recherche gestach.

De ganze Projet huet och missen duerch de Schäfferot goen an no eiser Presentatioun stoung d’Gemeng mat vill Interessi an Engagement hannert eisem Projet. Alles konnt an d’Weeër geleet gi fir sou richteg lasszeleeën.

De passende Stall konnt rausgesicht a bestallt ginn. Eng Dall huet misse gegoss gi fir de Stall dropzesetzen. Drot, en Netz, Wiss, Stroum, Waasser an eng éischt Ausstattung fir d’Hinger sinn organiséiert an installéiert ginn.

Eise Berodungspartner, de Frank Gilbertz vun der Société avicole vu Bieles huet eis gehollef, wéi eng verschidde Rasse vun Hinger sech géingen eegne fir herno am Kontakt mat Kanner ze sinn. Sou konnten d’Kanner no enger Virauswiel hir Stëmm ofgi fir déi Rass, déi si wollten.

# UNE IDÉE DEVIENT RÉALITÉ

Il a fallu un an et demi pour développer le projet "Um Hingerjuck". Les éducateurs se sont souvent réunis pour discuter chaque détail. Qu’est-ce qu’un tel poulailler apporte et comment les enfants de la Maison Relais peuvent en bénéficier. Surtout Corinne, qui possède des poules chez elle, a investi beaucoup de cœur et de temps dans la recherche.

L'ensemble du projet a dû être approuvé par le collège échevinal et après notre présentation, la commune a soutenu notre projet avec beaucoup d'intérêt et d'engagement. L’ensemble a pu être mis en place pour bien démarrer.

Le poulailler correspondant a pu être choisi et commandé. Une dalle en béton a dû être coulée pour placer le poulailler dessus. Une clôture en métal, un filet, du gazon, de l'électricité, de l'eau et le premier équipement pour les poules ont été organisés et installés.

Notre conseillier, Frank Gilbertz de la Société avicole de Belvaux, nous a aidés à déterminer quelles différentes races de poules seraient adaptées pour un contact ultérieur avec des enfants. Ainsi, après une présélection, les enfants pouvaient voter pour la race qu'ils voulaient.

# 01/02/2022





De Projet ass an der Maach: Hei gesitt Dir wéi vill Méi sech eis Educateure ginn hunn, fir lech vun eiser grousser Hingerfamill ze zielen an z'erklären



# 22/02/2022



Haut hu mir déi
18 Eeër ageluecht,
déi eis den Ziichter
matbruecht huet







DEN 22.2.2022 HUNN EIS KANNER D'EEËR
AN DE BRUTKASTE GELUECHT,

LO WAARDE MER OF
NUECHT FIR NUECHT,

BIS NO 21 DEEG DORAUSSER
JIPPELCHER GINN,

AN EIS KANNER SI VOLLER FREED
FIR DAT ZE GESINN.



LE 22.2.22 NOUS AVONS
DES ŒUFS À INCUBER,

LES JOURS PASSENT SANS QUE
NOUS CESSIONS D'Y PENSER,

MAIS JUSQU'AU 21ÈME JOUR
IL NOUS FAUDRA TOUS PATIENTER,

POUR QU'ENFIN NOUS PUISSIONS NOUS
RÉJOUIR D'ENFIN RENCONTRER,

ET TOUS ENSEMBLE CRÉER
UNE BELLE AMITIÉ.










*Op eiser Pinnwand an der Maison Relais hunn d'Kanner all Moien déi nächst Entwécklungsstuf opgehaang. Sou konnte si gesinn, wéi sech d'Liewen am Ee weiderentwéckelt. 21 Deeg huet et gedauert vum klenge Klompen zum fäerdege Jippelchen.*






# 01/03/2022

Eis 18 Eeër sinn duerchliicht gi fir ze kucken, wat sech am Ee entwéckelt huet.

D'Freed war grouss wou mir gesinn hunn, dass a 15 Eeër e klengt Liewen entsteet.









14/03/

# DE GROUSSEN DAG ASS DO





# /2022



No 21 Deeg
huet dat éischt
Jippelche
sech op de Wee
gemaach



3 Jippelcher
hu mir mat der
Pincette aus
hirer Schuel
eraus gehollef





Dono hate mir
5 Jippelcher, déi sech
als éischt hu missen
erhuelen no der
Ustrengung





Firwat geet dat hei net virun? Ech wollt emol op déi aner Säit kucke goen, mee do ass eppes duerchsiichteges wou ech net duerch kommen.





Ech sinn awer net bestrooft hei am Eck. Déi Zäite sinn eriwwer.

# 22/03/2022




*D'Kanner hu fläisseg Nimm fir eis gesicht. Alle 5 ware mer richteg gespaant, wéi eng Nimm dir eis rausgesicht hutt. Et si bestëmmt ganz flotter dobäi.*



# 31/03/2022

Engem Jippelchen ass et net sou gutt gaangen.

Mir hunn et zeréck bei den Ziichter bruecht fir sech ëm et ze këmmeren.






Leider huet et et net gepackt.

# EISEN HINGERJUCK


## VIRDRUN




## DUERNO



# Deutscher Sperber



### Körper

35 bis 45 cm

2 - 2.5 kg

5-9 Jahre

### Legeleistung

210 Eier/Jahr

### Eigenschaften

Robust
Frühreif
Frohwüchsig
Zutraulich
Quirlig
Lebhaft
Nicht scheu

### Nahrung

Sämereien
Körner
Gras
Gemüse
Insekten
Obst
Würmer

### Besonderheiten

Vom Aussterben bedroht

### Feinde

Fuchs
Marderhund
Bussard

### Herkunft

Deutschland

### Flugfähigkeit

40 %

### Küken

Die Küken sind schwarz

### Henne

Brütet 21 Tage lang ihre Eier aus

Wird dadurch Glucke genannt

Die Kommunikation zwischen Henne und Küken beginnt bereits im Ei ca. 24 Stunden vor dem Schlüpfen



# EIS JIPPELCHER
# NINJA



Ech sinn den Ninja. Ech sinn den eenzege Jong dee geschlüpft war, dofir hu meng Schwëstere mir och de Virtrëtt iwwerlooss, wat dem Luna awer net einfach gefall ass. Dir wäert herno scho verstoe wisou...

Mech erkennt een doru well ech deen eenzege sinn, dee Plommen op de Patten huet (dat ass och een Erkennungszeechee vun den Hunnen).

Fir aus dem Ee ze schlüpfen hat ech vill Schwieregkeeten an d'Educatricen hu mir a mengen 2 Schwëstere missten hëllefen d'Schuel opzebriechen.

Duerch di ganz ustrengend Prozedur hate meng Patten eng kleng Deformatioun an ech hat Schwieregkeete beim Goen.

Ech sinn ëmmer erëm op de Pupes gefall an d'Educatricen hu mer souguer extraRéngelcher missten undoe fir dass meng Féiss erëm riicht géife ginn.

Mat vill Übung hunn ech et hikritt rëm riicht ze goen. Elo sprangen a kloteren ech vill ronderëm, souguer op de Kapp vun de Kanner.

Am neie Stall gefält et mer richteg gutt an ech freeë mech all Dag, deen ech ka mat de Kanner verbréngen.



Ech hoffen, dass ech deemnächst een décke Wuerm am Gaart fannen.

**NO ONGEFÉIER 6 MÉINT WÄERT ECH DEN HINGERJUCK VERLOOSSEN.**

**ECH PLËNNEREN OP E GROUSSEN HAFF WOU ECH SOU VILL KAMÉIDI KA MAACHE WÉI ECH WËLL, A WOU ECH D'HONG VU MENGEM LIEWE WÄERT FANNEN.**

# EIS JIPPELCHER
# LUNA

Fir déi, déi mech nach net kennen, ech sinn de Chef. Ech war als éischt op der Welt an dofir sinn ech dat Stäerkst. Ech sinn och dat, dat meeschtens net dat mécht, wat et soll a si ganz vill wibbeleg. Mäin Numm Luna huet och eng ganz kloer Bedeitung:

**L** steet fir lëschteg,
**U** steet fir unhänglech,
**N** steet fir nerveg,
**A** steet fir affrontéiert.



Ech loosse mech awer gär upaken och wann ech heiansdo meng Flilleken ausstrecken. Domadder wëll ech iech nëmme weise wéi grouss a staark ech scho sinn. Eppes wat ech net gär zouginn, mee meng Schwëstere soten, dass ech soll éierlech sinn, ech sinn och heiansdo frech an och zockerséiss.

Dir wësst wat meng Liblingsbeschäftegung ass: Dobausse ronderëm lafen an natierlech iessen. An ech sëtzen och mega gär op der Staang, well déi kleng kommen nach net erop an esou gesinn ech alles a kann hinne soe wat si falsch maachen.

Bei der Foto hei drënner wollt ech iech weisen, dass ech och op engem Bee ka stoen, well wann ech de Kanner nokucken, déi maachen dat och heiansdo mee firwat si dat maache verstinn ech net.



Ech testen och gär nei Saachen aus an hu virun näischt Angscht. Ech nerven och ëmmer déi aner mee mech soll keen nerve well dat ass ustrengend. A wann ech da mol schlofen, iwwerleeën ech mir wat ech kann als nächst maachen oder iessen.

Mat där Foto uewen, wëll ech iech weise wéi ech nach virun 1-2 Wochen ausgesinn hunn. Well Sperber Hinger wuesse séier.

Ganz gutt fléie kann ech och schonn. A wann ech nach bëssen üben, da packen ech et vläicht bis op äre Kapp oder är Schëller. Dir braucht och da keng Angscht ze hunn, ech doen iech näischt. Ech iesse jo just Wierm, Insekten a Reschter oder Kären. Ei wann ech drun denke kréien ech Honger.

Sou elo genuch vu mir geschwat, och wann ech gär am Mëttelpunkt sinn. Mee elo si nach meng Schwësteren un der Rei. Mäin eenzege Brudder hutt dir jo scho kenne geléiert.

# EIS JIPPELCHER

# KIKI

Hallo Kanner an Elteren. Ech sinn d'Kiki. Ech war als zweet op der Welt. Ufangs war ech dofir dat Zweetgréisst mee elo sinn ech dat Klengst. Ech gi nom Motto 'déi Klengst sinn déi Bescht'. Ech war och ëmmer ganz flauscheg a puffeg mee well meng Fiederen elo do sinn ass dat net méi sou. Wéi d'Luna sinn ech op natierlechem Wee op d'Welt komm.



Ech verbeuge mech virun de Kanner well si mäi volle Respekt hunn. Si hu mech a meng Geschwëster ganz zam gemaach. Och wann d'Luna, d'Cookie an den Ninja net ëmmer déi braavst sinn, déi Cacahuetten do. Ech sinn einfach fir si mat brav. Brav an zocker-watteséiss sinn, sinn einfach di beschten Eegenschafte fir e klengt Hong.

Ech sinn dat Rouegt a sëtze gär bei de Mënschen op der Schëller, esou kann ech schlofen.

Schlofen an lesse si meng Hobbyen, dat kéint ech de ganzen Dag maachen.



Wësst dir nach wat meng Liblingsplaz ass fir gekrault ze ginn? Ganz genau iwwert dem Pupes. Wann ech nëmmen drun denke kéint ech mech dohinner leeën a schlofen. Ech schlofen ëmmer an, wann ech gekrault ginn.

Vläicht kënnt dir och op dëser Foto erkennen, dass ech e Problem mat mengem Aen hunn, dat ass nämlech ganz schwaarz a méi kleng, dofir gesinn ech net esou gutt. Mee dat ass net schlëmm. Ech kennen et net anescht a sinn et gewinnt.

Sou dir häerzeg Mënschen, ech soen Äddi a Merci.

# EIS JIPPELCHER
# COOKIE

Ahoi! Ech sinn d'Cookie. Den Numm passt perfekt well ech gär iessen, mee e Cookie däerf ech net iessen, dovunner kréien ech soss Bauchwéi.



Ech war als lescht op der Welt an dat nëmme well d'Educatricë mir gehollef hunn aus mengem Ee ze schlüpfen. D'Schuel war esou haart, dass ech déi net richteg futti gemaach kritt hunn. Also ech kann iech et soen, dat war eng Aarbecht.

Ech war dono och esou midd, dass ech e ganzen Dag einfach mol leie bliwwe sinn. De Kiki mécht dat elo nach ëmmer di kleng Noss.

Also ech sinn am Fong dat perfektent Hong. Ech lafen am Gaart an iessen Insekten a Wierm. Also dat wënschen ech mir, mee bis elo sinn ech nach net séier genuch mee iergendwann iessen ech en décke Keefer. Dir sot elo alleguerten Igitt mä ech soen MMMHHHH lecker.



Ech maachen och gär Dommheeten, zemools wann d'Luna ufänkt. Da maachen den Ninja an ech einfach mat. Dir wësst jo wéi dat ass, ee mécht eng Dommheet an déi aner maache mat. Am léifste lafen ech fort wann d'Kanner mech op den Aarm wëllen huelen. Dat maachen ech just fir d'Kanner rosen ze maachen.

Ech freeë mech drop, nach méi Kanner kennenzeléieren an och hir Elteren. Dir kennt jo meng Adress da gesi mir eis deemnächst vläicht méi oft. Ah jo ab haut loossen ech nëmmen nach Leit eran di e Wuerm oder Keefer dobäi hunn.

PS: War just e Witz. Ech wëll di gär selwer fänken. Kommt elo net an d'Maison Relais mat lauter Wierm an der Box.

# IMPRESSIONEN

## AUS DEM ALLTAG











# AUFGABEN
## AUS DEM ALLTAG

| WIE OFT FÄLLT DIE ARBEIT AN? | WAS IST ZU TUN? | WIE LANGE DAUERT DAS ETWA? |
|---|---|---|
| **TÄGLICH**  | • Futter vorbereiten (Essensreste aus der Küche)<br>• Nachsehen ob noch Körnermischung + Trinkwasser vorhanden ist<br>• Wenn nicht damit versorgen<br>• Mindestens einmal Eier einsammeln<br>• Kurzer visueller Gesundheits-check der Hühner<br>• Kurzer Check, ob im Stall und Auslauf alles in Ordnung ist<br>• Automatische Hühnertür kontrollieren ob sie geöffnet wurde und später schließt | 30 - 45 Minuten |
| **EINMAL WÖCHENTLICH** | • Reinigen des Stalls, frisch einstreuen<br>• Reinigen der Futter- und Wassernäpfe | 45 - 90 Minuten |
| **EINMAL MONATLICH** | • Arbeiten im und rundherum den Auslauf<br>• Putzen der Fensterscheiben des Stalls<br>• Reinigen der Lampe | 30 - 90 Minuten |
| **EINMAL JÄHRLICH** | • Tiefenreinigung des Stalls mit Bodendesinfektionsmittel<br>• Kalkanstrich an den Innenwänden (oftmals genügt es, diese Arbeit alle 2 bis 4 Jahre durchzuführen)<br>• Gegebenenfalls Wartungs- und Reparaturarbeiten am/im Stall<br>• Einlagerung des Hauptteils des Futters (kann auch im Fachmarkt in monatlich/ vierteljährlichen Abständen gekauft werden)<br>• Einlagerung von Einstreumaterial<br>• Einstallen neuer Tiere | Je nachdem, welche Arbeiten in dem betreffenden Jahr anfallen |

# NEI BRUTAKTIOUN

Well bei eiser éischter Brutaktioun leider net esou vill Jippelcher geschlüpft sinn, hu mir eng zweet Brutaktioun gestart. Mir wëlle jo schliisslech 4-6 Hénger herno dobausse lafen hunn.

Eisen Hingerexpert, de Frank Gilbertz, huet fläisseg Sperber Eeër gesammelt, di mir herno mat Brahma Eeër zesummen ageluecht hunn.


Wisou nach eng aner Rass, frot dir Iech bestëmmt? Eis Hénger Mamma Corinne hätt déi Eeër souwisou bei sech doheem ageluecht a sou konnten d'Kanner nach eng Kéier de Prozess mat erliewen an och eng aner Rass kenne léieren.

Vu 50 Eeër waren der 31 befrucht. Dovu sinn der 26 geschlüpft. Et war also eng méi lass bei eis.

















## SELBSTGEMACHTE

# HÜHNERKEKSE

Das Tolle ist, diese Kekse können nicht nur von den Hühnern, sondern auch von den Hühnerhaltern gegessen werden. Sozusagen eine kleine Kaffee-Zeit zusammen.

Zutaten:


- **100gr Dinkel, frisch gemahlen bzw. 100gr Dinkel- oder Weizenvollkornmehl**
- **100gr grobe Haferflocken**
- **50gr Sonnenblumenkerne**
- **50gr Sesam**
- **100gr Möhre (fein geraspelt oder mit der Küchenmaschine zerkleienert)**
- **50ml Sonnenblumenöl**
- **200ml Wasser**
- **1 reife Banane**
- **1 Ei**

Die Zutaten (außer die Banane und das Ei) miteinander verrühren und etwa 1 Stunde quellen lassen. Danach noch die reife zerdrückte Banane und das Ei hinzufügen.

Entweder die Förmchen auf ein Backblech setzen, den Teig hineindrücken und danach die Förmchen wieder entfernen. Oder, hat man keine Förmchen, den Teig einfach zu kleinen Kugeln rollen und diese auf dem Backblech zu flachen Taler drücken.

Bei 175°C Umluft die Kekse etwa 30 Minuten in der Ofenmitte backen.

Viel Freude beim Backen und anschließend wünschen wir allen einen guten Appetit.



VEUILLEZ SCANNER
LE CODE-QR CI-DESSOUS
POUR CONNAÎTRE
LA SOLUTION

# FINDET DIE 10 UNTERSCHIEDE





BITTE SCANNEN SIE DEN QR-CODE OBEN, UM DIE LÖSUNG ZU ERFAHREN

# KANNERSTËMMEN

"Et ass cool. Si gesinn aus wéi een Zeebra a si mega léif mat eis"
Sophia

"Hénger si ganz wichteg fir eise Projet well si d'Kanner frou maachen an et mierkt een dass hei gutt ob d'Hénger opgepasst gëtt"
Stéphanie

"Fannen dat richteg flott Hénger ze heemelen"
Emiline



"Ech hunn Hénger ganz gär"
Noé

"Si si mega schéin a léif"
Linnea

"Ech freeë mech den Héngerstall ze botzen"
Emma

"Wann ech bei si ginn heemelen ech si a si si süss. Ech hu gär wa si ob mäin Aarm kommen. Ech hunn et gär wa si bei mech kommen och wann een net wëll"
Zoé P.

"Et ass interessant a cool datt mir Hénger hunn"
Justin

"Hénger si süss. Si si flott an si si meng bescht Frënn"
Maelys

"Si si léif mat eis. Ech hu gär wann si bei mech ob d'Schëller kommen. Ech hu gär wann si ob mäin Schouss kommen"
Lia

# MERCI

Fir all weider **INFORMATIOUNE** kënnt dir iech un eis Hinger-Expertë wenden.




d'Hinger-Mama Franck Corinne, Raach Mandy, Peltier Annick, Muller Sonja, Bigler Aliocha, Schilt Malou.

**E GROUSSE MERCI** dofir, datt dee ganze Projet iwwerhaapt konnt realiséiert ginn, geet un:

De Gemengen- a Schäfferot vun Dippech,

D'Croix-Rouge,

De Frank Gilbertz,

D'Experten-Team geleet vum Corinne,

D'Gemengenaarbechter vun Dippech,

De Claude Hastert fir dës Brochure.




© 2022 Administration communale de Dippach. Tous droits réservés.
Imprimé sur papier écologique | Op ëmweltfrëndlechem Pabeier gedréckt